ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12. Mäerz 2019

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Banneminister weiderzeleeden.

A leschter Zäit kommen ëmmer méi Elektroautoen op de Maart, wat jo och vun der Regierung subventionéiert gëtt. Wann en Elektroauto a Brand geréit, ass den Opwand fir dësen ze läschen enorm grouss. Esou gi laut Hiersteller ronn 11.000 Liter Waasser gebraucht, vill méi ewéi e Pompjeescamion matféiert. Och muss d'Gefier nom Brand iwwer en Dag ofkillen. Dat ass e grousse Problem, net nëmmen op der Strooss, mee méi speziell och a Parkhaiser oder Tunnellen.

An dësem Kontext wéilt ech der Madame Minister gär folgend Froe stellen:

1. Ass de CGDIS equipéiert fir Elektroautoen ofzekillen?
2. Gëtt et bei der CGDIS e Plang, wéi dës Elektroautoen op der Strooss awer och a Parkhaiser an Tunnelle kënnen ofgekillt ginn?
3. Gëtt et eventuell aner Produiten ewéi Waasser oder musse Pompjeesgefierer speziell equipéiert ginn? Wat wär do de Käschtepunkt?
4. Gëtt et Läschariichtungen, speziell fir Elektroautoen, fir a Parkhaiser oder Tunnellen ze installéieren. Zu wat fir engem Käschtepunkt?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique